N°7940
Entrée le 23.05.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 7940 vum 27. Abrëll 2023 vum Här Deputéierten Marc Lies.**

Den éirewäerten Deputéierten huet Froen zur Qualitéit vum ëffentlechen Transport, insbesonnesch wat Retarden op verschiddene Schülerlinne betrëfft, an wat di administrativ Prozeduren ugeet déi mat der Organisatioun vum Adapto-Service ze dinn hunn. Dës wier net benotzerfrëndlech an net altersgerecht wéinst dëse Prozeduren, a perséinlech Patientendokumenter wiere falsch zougestallt ginn.

Zu den 2 Punkten aus der Fro wéilt ech folgendermoosse Stellung huelen:

- *Huet den Här Minister d'Méiglechkeet, eng Bus-Entreprise, déi beim Exploitéiere vun der enger oder anerer RGTR-Linn reegelméisseg Retarden an/oder souguer Ausfäll opzeweisen huet, aus enger Soumissioun erauszehuelen an engem aneren Transporteur den Zouschlag ze ginn?*

An de Verträg fir d'Exploitatioun vun de reguläre RGTR-Buslinnen stinn iwwer 30 Qualitéitscritèren, op déi Pénalitéite appliziéiert ginn. Fir eng gutt Qualitéit vum Service unzebidden gëtt e.a. d'Zouverlässegkeet vun den Horairen suivéiert, a Retarden an Ausfäll gi bestrooft wann se op Feeler vum Exploitant zréckzeféiere sinn. Déi aktuell méi eeler Verträg ënner deenen d'Schoullinnen nach lafen, wäerten am Dezember duerch nei Verträg ersat ginn mat deenen och des Mossname wäerte gräifen.

Wat d'Beispill vun der Schülerlinn D09 ugeet, kommen do d'Verspéidungen haaptsächlech duerch d'Net-Anhale vun den Horairen schon um Départ vun der Linn. Reell Kapazitéitsproblemer ginn do net festgestallt.

- *Ass de Minister gewëllt, d'Verwaltung an d'Organisatioun vum Adapto-Service engem "Quality Management" z'ënnerzéien?*
    - *Wa jo, vu wéini un an op wéi eng Aart a Weis?*
    - *Wann net, firwat net?*

Den honorablen Deputéierten expliziéiert net genee op wat den ernimmte "Quality Management" sech soll bezéien a wat domat sollt verbessert ginn. Ech kann awer soen, datt et aktuell scho folgendes gëtt:

- An der gesamter Verwaltung fir ëffentlechen Transport, déi den RGTR Busreseau, d'Schoulbuslinnen an de spezifeschen Transport Adapto a Mobibus organiséiert, gouf tëschend Januar a Mee 2023 eng *Revue organisationnelle* mat Hëllef vun engem externe Consultant gemaach.
- De Moment gëtt fir den Adapto en DPIA erstallt, deen nach virum Summer 2023 fäerdeg soll sinn.
- D'Verwaltung fir ëffentlechen Transport huet en internen *Service Qualité* deen e.a. Prozesser begleed an dokumentéiert, souwuel déi intern Prozesser wéi déi mat externen Acteuren.
- Et gëtt selbstverständlech en DPO.
- Et goufen Sensibiliséierungsséancen an intern Mesure geholl wat den Dateschutz ugeet.

Inwiefern den Adapto-Service net benotzerfrëndlech wier, an di administrativ Hürden schwiereg fir eeler Leit wieren (woubei ech drun erënneren dass den Adapto-Service sech an éischter Linn un behënnert Leit adresséiert), expliziéiert den éirewäerten Deputéierten leider net.

Den Adapto-Service traitéiert e grousse Volume vun Dossieren mat perséinlechen Daten. Säit der Reform vum Adapto 2020 goufe schätzungsweis 10.000 Dossieren traitéiert, haut ginn et iwwer 7.000 enregistréiert Bénéficiairen vum Adapto. Dass den Dateschutz net géif eescht geholl ginn, kann ech net bestätegen. Eventuell ass dem honorablen Deputéierten den eenzegen Fall vun irrtümlech falsch zougestallte perséinlechen Donnéeën zu Ouere komm, dee sech kuerz viru sénger Fro zougedroen hat. Selbstverständlech ass dëse Fall bei der CNPD notifiéiert ginn.

Lëtzebuerg, den 23. Mee 2023

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch